



N°5759
Reçue le 14.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 14.02.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Kooperatioun weiderzeleeden.

Den 22te November hat ech eng dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister gestallt (n°5271), fir gewuer ze ginn, wéi vill Impfstoff, deen no um Oflafdatum ass, zu Lëtzebuerg nach am Stock ass. Trauregerweis hunn dunn iwwer 13.000 Dosen Enn November missten zerstéiert ginn. An de Wocheberichter vun der Santé zur Unzuel un Impfungen aus de vergaangene Wochen zeechent sech of, dass ëmmer manner Impfdosis verbraucht ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch eis d'Oflafdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flaconen vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?
2. Hunn d'Santé an de Kooperatiounsministère méttlerweil ee Plang opgestallt, wéi Lëtzebuerg noutfalls séier Impfstoff un aner Länner weider ka ginn, falls sech sollt ofzeechnen, dass net all Flacone virum Oflafdatum benotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu